

Evangelium vum 1. Adventssondeg (Joer B)

Mk 13,24-37

G. Den Här sief mat iech all.

A. An och mat lech.

G. Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.

A. Dir all Éier, Här.

²⁴ De Jesus sot zu senge Jünger:

"An deenen Deeg awer, no all deem Misär,
verdäischtert d'Sonn sech,
an de Mound gött kee Schäi méi,

²⁵ *an d'Stäre fale vum Himmel erof,*
an d'Himmelskräfteⁱⁱ ginn ziddere gedoen.

²⁶ An da gesäit een *de Mënschejong,*
dee mat grousser Kraaft an Herrlechkeet
op de Wolleke kënntⁱⁱⁱ.

²⁷ Da schéckt hien d'Engelen eraus,
an hie féiert seng Auserwiel
aus deene véier Himmelsrichtungen zesummen,
vum Enn vun der Äerd bis un d'Enn vum Himmel.

²⁸ Aus dem Gläichnes vum Figebam awer léiert dat hei:
Wann seng Äscht Safft zillen
an d'Blieder ufänken auszeschéissen,
gesitt dir, datt et gläich Summer gött.

²⁹ Esou och fir iech:
Wann dir gesitt, datt dat do geschitt, dann erkennt,
datt de Mënschejong gläich virun der Dier steet.

³⁰ Amen, ech soen iech:
Dës Generatioun vergeet net,
éier dat do alles geschitt ass.

³¹ Himmel an Äerd verginn,

meng Wierder awer verginn net.

³² Ma iwwer deen Dag oder déi Stonn weess keen eppes,
weder d'Engelen am Himmel,
nach de Jong –
nëmme just de Papp.

³³ Haalt d'Aen op,
bleift waakreg!
Dir wësst nämlech net, wéini déi Zäit do ass.

³⁴ Et ass wéi mat engem Mënsch, deen op d'Rees geet,
deen säin Haus zrëckléisst
an sengen Dénger Verantwortung iwwerdréit,
jidderegem fir seng Aarbecht;
an dem Portier gëtt hien den Uerder ze waachen.

³⁵ Duerfir waacht!
Dir wësst jo net, wéini den Haushär kënnt,
ob hie spéit kënnt oder ëm Hallefnuecht
oder wann den Hunn kréit oder muerges fréi.

³⁶ Waacht also, fir datt dir net amgaang sidd ze schlofen,
wann hie stënterlech kënnt!

³⁷ Wat ech iech awer soen,
dat soen ech fir s'alleguer:
Waacht!"

G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.

A. Dech, Christus, luewe mir.

ⁱ Is 13,10.

ⁱⁱ Is 34,4.

ⁱⁱⁱ Dan 7,13.